



kënnen opzefänken, an da gesäit ee vläicht och méi kloer. Engersäits kritt een d'Leit am Prozess gehalen oder et ass eben eng Invalidépendsioun, wéi hei ugeschwat, déi muss heiranner spillen.

Wichtig ass, mengen ech, fir mech: Derbäi gehéiert awer och dee ganze Volet - an och dofir wäert dat och Bestanddeel vun deem Avant-projet de loi sinn - vun der Reprise progressive de travail pour raisons thérapeutiques. Ech mengen, et muss een hei de Leit d'Méiglechkeet ginn, datt se no an no erëm kënnen an de Prozess eraklennen. A fir dat och käschtenneutral ze hunn, hu mer och mat der CNS Konkusioun gezunn, datt mer eben d'Indemnité pécuniaire de maladie virulafe loossen, datt also d'Leit do keng Ennerbriechungen hunn, mä datt se, esou wéi se sech fillen, am Accord selbstverständlech mam Patron, kënnen schaffe goen, sief dat 25%, sief dat 50%, sief dat 75%, sou wéi se sech ebe fillen an deem Moment.

Well et ass ganz dacks wichtig, och moralesch, fir verschidde Leit, fir einfach erëm kënnen zréck op hir Aarbechtsplaz ze goen, an et ass op där anerer Säit och wichtig fir de Patron, dee jo hei e ganz gudd Mataarbechter oder eng Mataarbechterin huet, fir och ze wëssen, datt och si virun zréck op hir Aarbechtsplaz wëlle kommen an dat no an no wëllen eraginn.

Also, wéi gesot, an deenen nächste Woche wäert ech der Regierung en Text proposéieren. Mir musse verschidden Textännerunge maachen, also d'Erhéijung vun den 52 Wochen op 78 Wochen an nei Méiglechkeeten an der Reprise progressive de travail pour raisons thérapeutiques. Ech mengen, datt dat de Leit, an et sinn der ganz vill, déi dorobber waarden, wierklech Méiglechkeete gëtt.

An ech spiere jo och heibannen, datt bei jiddwerengem de Wëllen do ass, och wierklech hei konkret eppes ze maachen. Mä mir musse oppassen, datt mer hei wierklech net an enger Richtung vum Arbitraire bleiwen an datt mer net Leit ausschléissen, wou mer op där anerer Säit Saache confirméieren, an hei virun allem och vum Conseil d'État dann eigentlech virgehäit kréichen, datt mer eng Inegalitéit vum Traitement géife maachen, an dat och warscheinlech zu Recht.

Merci bien.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Sozialminister. Den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Voilà, ech froen da Parole après ministre, wéi d'Chambersreglement mir dat erlaabt. Ech hu ganz intensiv dem Minister Schmit sengen Ausféierungen nogelauschtert, an där fir hie ganz typescher Verve an och Lautstäerkt, mat deenen hie seng Ausféierung ganz dacks virdréit.

En huet gesot, datt dës Regierung net nëmmen eng vun der Analys wier, mä och eng vum Handeln. An en huet dunn direkt gesot, datt d'nächst Woch am Conseil de Gouvernement e Gesetzesprojet oder zumindest ee Gesetzesprojet wäert virleien an am beschte Fall och wäert ugehall ginn.

Ech géif awer trotzdeem nach eng Kéier op déi Motioun zréckkommen, déi mir virun zwee an engem hallwe Joer hei unanimement ugehall hunn, déi nämlech genau vun där Analys, déi da jo awer d'Grundlag misst sinn zu deene Verännerungen, seet, datt déi sollt gemaach ginn.

Ech géif den Här Minister dann awer bieden, datt en déi Analys zumindest bei der Présentation vum Projet an der Chamberskommission dann och eis alleguer virstellt, well d'Bréiwer hu mer alleguerten heibannen, mengen ech, kritt, op jidde Fall déi, déi sech mat sozial- an aarbechtsrechtliche Froen ausenansetzen. An eng Analys ass, mengen ech, méi eppes Fundéiertes a Fundamentales wéi eenzel Temoignagen, déi mer a Bréiwer gelies hunn. An ech mengen, datt déi Analys wichtig ass, datt mer se dann och mat Zuele beluecht an der Chamberskommission kënnen virgeluecht kréien, fir och déi néideg Konkusiounen eventuell kënnen mat lech ze droen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun eiser Aktualitéitsstonn a mir géifen zum nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7138, enger Ofännerung vum Code du travail oder an anere Wieder enger Verleeung vun de Sozialwahlen vum November 2018 op d'Period Februar/Mäerz 2019. A wat nach

virgesinn ass, seet eis elo direkt den Här Rapporteur, den honorabele Georges Engel.

3. 7138 - Projet de loi portant modification

1° du Code du travail;

2° de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Effektiv geet et em dat, wat Dir elo grad gesot huet, nämlech d'Verleë vun den...

(Interruption)

E verréit alles, jo, voilà!

Et geet em d'Verleë vun de Wahlen fir d'Chambre des Salariés op e spéideren Datum, nämlech tëscht dem 1. Februar an dem 31. Mäerz 2019, dat, well zum haitegen Zäitpunkt elo nach virgesinn ass, dës Wahlen dës Joer am Hierscht ofzehalen, d'Parlamentswahlen awer och dës Joer am Hierscht ofgehalen ginn an domadder dann d'Attention riskéiert, sech während Wochen op d'Zesummesetzung vum Koalitiounsprogramm, op d'Besetzung vun deenen eenzelne Posten an der Regierung an an der Chambre ze monopoliséieren.

De Projet gesäit vir, dass d'Mandater vun den aktuelle Memberen an de verschiddenen Delegatiounen, der Chambre des Salariés oder aneren europäeschen Organisatiounen verlängert ginn, bis dann déi nei Gewielten a Funktioun sinn.

A senger ursprénglecher Versioun hat de Projet op Basis vun enger Proposition, déi vun der CSL unanime ugehall ginn ass, virgesinn, dass d'Gewerkschaften, déi eng Représentativité nationale hunn an déi och an der Assemblée plénière vun der CSL vertruede sinn, dräi Membres effectifs an dräi Membres suppléants mat vollem Stëmrecht zousätzlech zu de gewielte Memberen designéiere kéinten, ouni dass déi dräi respektiv sechs Memberen awer selwer misste gewielt gi vun de Salariéen, dat, sou steet et am Exposé des motifs, fir d'CSL besser bei der Défense vun den Interêten vun hire Membere kënnen ze ënnerstëtzen.

An der Kommissioun gouf et länger Diskussiounen iwwert dës Punkt. Schlussendlech huet si awer à l'unanimité dës Proposition, sou wéi de Minister se an d'Gesetz gesot huet, zougestëmmt. De Statsrot huet eng Opposition formelle ausgeschwat, engersäits aus Grënn vun der Insécurité juridique, wat d'Prozedur ugaangen ass, anersäits aus Grënn vun Inkohärenz, wat d'Designatioun vun de Membere vun der Chambre professionnelle op Basis vu Wahlen ugeet.

D'Kommissioun huet an engem Amendement probéiert, den Observatioun vum Statsrot Rechnung ze droen, andeems se en neie Wee fir d'Designatioun vun deenen dräi zousätzlech Memberen an dräi Suppléant virgeschloen huet. Effektiv gëtt et dës Disposition och schonn an anere Beruffskummeren, sou wéi zum Beispill an der Chambre des Métiers, wou d'Fédération des artisans och dräi Membere kann designéieren.

Wann och deen neie System vun der Designatioun, dee virgeschloe gouf, vum Statsrot als méi kloer a méi demokratesch ugehall ginn ass, sou ass de Statsrot awer bei senger Position bliwwen, wat d'Inkohärenz vun dem Regime ugeet, fir déi Leit net iwwert déi usuell Wahlen ze bestëmmen.

Als Argument huet de Statsrot hei ubruecht, wat d'Kohärenz mat der Chambre des Métiers ugeet, dass d'Chambre des Métiers vun zwee verschiddenen Typen vu Gruppen zesummesat gëtt, wat awer bei der CSL net de Fall ass, an dass een duerfir hei an enger anerer Situation wär an dës u sech net kéint matenee vergläichen. 60 Membere muss gewielt ginn, dräi brauchen dat net ze ginn. Dat war fir de Statsrot net kohärent, an domadder huet hie seng Opposition formelle och oprechterhalen.

D'Kommissioun huet du mat enger grousser Majoritéit beschloss, dës Punkt och aus dem Projet de loi erauszehuelen a sech hei op d'Verschiebung vum Datum ze limitéieren. Et gouf festgehalen, dass ee sech där anerer Diskussioun natierlech net wéilt verschléissen, hei awer elo och wéinst dem Zäitrock dës Disposition an dësem Projet de loi net géif mat considéieren.

Mäi Rapport ass de 26. Mäerz vun der Kommissioun ugehall gi mat enger larger, mat enger grousser Majoritéit. Ech wéilt heimadder den Accord vun der LSAP zu dësem Gesetzesprojet ginn an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ech ginn direkt dem Här Marc Spautz d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, et geet haut drëm, fir den Datum vun de Beruffschamberwahlen ze verréckelen. Ech ka mech erënnere: 1984 hat ech d'Chance, zesumme mam Här Gibéryen an d'Arbeiterkammer gewielt ze ginn.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Den Här Gibéryen ass kuerz drop ausgescheet, fir heihinner ze kommen. Ech hat d'Chance, duerno och nach an der Chambre des Employés privés ze sinn, wat haut d'Chambre des Salariés ass, wou ee muss soen, dass déi Aarbecht, déi an deene Beruffschambere gemaach gëtt, eng ganz wäertvoll ass an et dofir schued wier, wann den Datum géif bäibehale ginn, esou wéi mer en elo kennen, an dann am Oktober d'Legislativwahlen an d'Beruffschamberwahl geifen openeefalen, well dann déi eng am Schiet vun deenen anere gestanen hätten.

De Rapporteur, de Kollege Georges Engel, ass op déi Iddien agaangen, déi komm si vun der Chambre des Salariés, fir kënnen mat Experten ze fueren, eppes mat dräi zousätzlech Mandater, déi kéinte gemaach gi fir Leit, déi net gewielt sinn, mä déi déiselwech Méiglechkeeten hätten an och gläichgestallt géife gi mat deene 60 Gewieltenen.

Wat mer bis elo kannt hunn, dat ass, dass souwuel an der Arbeiterkammer wéi an der Chambre des Employés privés konnten Experte genannt ginn, mä déi awer keen Droit de vote haten. Dat war eppes, wat gang und gäbe war, an et ware verschidde Patronatschamberen, wou awer och Experte genannt gi sinn, déi den Droit de vote hunn.

Dat war awer alles virun engem berüünten Uerteel, dat mer kannt hunn, och bei de Beruffschamberwahlen, wou nämlech den Tribunal administratif eng Decisioun geholl huet betreffend d'Wahlen an der Chambre des Fonctionnaires, wou et bis dohinner übblech war, dass vun enger Beruffsgrupp just maximal ee Kollege konnt dësätzen. Wann déi Beruffsgrupp bis do vertruede war, ass automatesch dat zweet Mandat un en anere gefall. Dat ass während Jorzéngten esou gaangen, bis den Tribunal administratif dat Ganz op d'Kopp gehäit huet. An dofir ass de Risiko eis ze grouss, fir ze soen: Kommt, mir setzen eis iwwert déi Dispositione vum Statsrot ewech!

Well net méi spéit wéi 2011 huet de Statsrot bei enger anerer Beruffschamber awer kee Problem gehat, fir deenen déi Méiglechkeet ze ginn. An den Här Engel huet déi aner Beruffschamber zitéiert, do hat nämlech de Statsrot 2011 keng Opposition formelle gemaach, mä dat war och virum Uerteel vum Tribunal administratif am Kader vun der Chambre des Fonctionnaires publics.

Et ass och dofir, wou mer an der Chamber domat averstane waren, déi Fuerderung an der Kommissioun falen ze loossen, well eis de Risiko ze grouss schéngt, dass, wann ee sech géif - wouzou awer de Legislatuer eis jo d'Méiglechkeet gëtt - iwwert den zweete Vott ewechsetzen, mer da kéinten och virum Tribunal administratif erëm eng Kéier belangt ginn an dass mer da bei der Chambre des Salariés déiselwech Problemer géife kréien, déi et deemools bei der Chambre des Fonctionnaires ginn ass.

Dofir hu mer där Situatioun och mat zougestëmmt, obwuel mer och an deene Gespréicher, déi mer mat deene Gewerkschaften gefouert haten, gesot hunn, dass mir eis dat anert kéinte virstellen. Dofir wëll ech dat awer och eng Kéier hei präziséieren an och kloer soen.

Mir ginn deem Projet, esou wéi den Här Engel en elo hei presentéiert huet, d'Zoustëmmung an d'CSV wäert dee Projet matdroen. Villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. D'Wuert huet d'Madam Joëlle Elvinger.

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Merci, Här President. Ech géif dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi gudd schréffleche wéi och mündleche Rapport a géif den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Gérard Anzia huet d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Här President. Merci un de Georges Engel fir dee Rapport, deen ausféierlech war. En huet och am Detail beschriwwen, wat mer an der Kommissioun beschwat hunn, an och déi Iwwerleeungen, déi mer mat den Experte gefouert

hunn, fir u sech op dee Wee ze goen, an och, firwat mer schlussendlech eben déi Iwwerleeungen net zréckbehalen hunn.

An ech mengen, vu dass mer d'Chamberwahlen net wëlle verréckelen, sinn déi gréng och domat d'accord, fir d'Beruffschamberwahlen dann déi Kéier ze verréckelen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här...?

Mir iwwersprangen een. Den Här Marc Baum huet d'Wuert.

Dir sidd elo just iwwerspronge ginn, Här Gibéryen!

(Hilarité)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dir musst zwar gutt sprange kënnen, mä et geet.

(Hilarité)

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Dësen Text hat ursprénglech zwee Voleten. Deen ee Volet ass jo drëm gaangen, fir den Datum vun de Sozialwahlen ze verréckelen, well et Unanimitéit ginn ass, datt dat weder gutt fir d'politesch Parteien nach fir d'Gewerkschaften wier, wann et en ze noen Datum tëschent deenen zwou Wahlen géif ginn. An dat, wéi gesot, ënnerstëtze mer natierlech och.

Deen zweete Punkt, deen ass em d'Komposition vun der Chambre des Salariés gaangen, déi aus 60 Leit besteet, déi direkt gewielt ginn. An et war d'Demande vun der Salariatskummer, déi unanime formuléiert ginn ass, fir ze soen, datt een do nach kann dräi weider Memberen designéieren aus de representative Gewerkschaften, opgrond, an dat war déi lescht Fassung, vun engem Vott, deen an der Chambre des Salariés selwer géif stattfannen iwwert d'Prozedur, datt dat där geschéien, datt dräi Leit weider kommen, an dann natierlech och iwwert déi Persounen.

Et ass e Modell, deen et och an anere Beruffskummere gëtt, an der Chambre des Métiers, an der Fédération des artisans ginn ass. An et war an der Chamberskommission zumindest an enger éischer oder zweeter Etapp souguer mengen ech, och eng Unanimitéit, datt ee wéilt op deen dote Wee goen, bis dann dunn de Conseil d'État a sengem Avis complémenteire, sengem zweeten Avis, gesot huet, datt e weiderhin eng Opposition formelle behält.

Dofir sinn ech net ganz averstane mat der Argumentatioun vum Här Spautz, well déi Opposition formelle, déi en am éischen Avis gemaach huet, wat d'Insécurité juridique ugaangen ass, déi huet en opgehuewen. En huet just eng Opposition formelle behalen, well e seet, dat wier inkohärent mam Wahlsystem. Dat heescht, e seet, dat wier eigentlech net ganz demokratesch. An do muss ee soen: Engersäits gëtt et et an anere Beruffskummeren. Wat d'Patronat ugeet, hu mer dat schonn.

An op där anerer Säit muss ee soen: De Conseil d'État gëtt jo awer och net direkt vun de Leit gewielt, mä ass och d'Resultat vun enger indirekter Wahl,...

(Brouhaha)

...soudatt een zumindest dat Argument e bësse gelunge fanne kann, besonnesch wann d'Insécurité juridique opgehuewen ass.

Och an der Press war elo an deene leschten Deeg relativ vill doriwwer ze liesen. An dofir mengen ech, datt een awer eppes zréckbehalen muss: Déi Proposition, déi do gemaach ginn ass, déi ass unanime vun der Salariatskummer geholl ginn. Dat war net eng Gewerkschaft, mä et ware se alle fënnef. Dat war den OGB-L, den LCGB, awer och d'ALEBA, de Syprolux an de Landesverband, also d'Unanimitéit vun deene Gewerkschaften, déi am Privatsektor representéiert sinn. An ech mengen, datt et wichtig ass, dat zréckbehalen, an datt et falsch ass ze probéieren, wéi dat an enger Zeitung ze liese war, doraus eng perséinlech Geschicht ze maachen.

An der Chamberskommission ass och gesot ginn, datt de Projet dann elo géif scindéiert ginn. Dat heescht, deen heiten Deel huele mir elo vir, woumat mir jo och averstane sinn. An deen aneren, bon, do misst een da kucken, wat een dann elo mat där Opposition formelle mécht.

Ech stelle fest, datt dee Projet awer net scindéiert ginn ass, mä dee Passus einfach gestrich ginn ass. En ass also och net méi am legislative Prozess dran, well da misst ee jo soen, Här Arndt, wou en dann ass, wéi eng Projetsnummer dat do dann hätt. En ass einfach gestrich. Ech hunn och néierens gesinn, datt en neie Projet oder eng Proposition de loi mat enger äänlecher oder enger anerer Disposition am Moment an der Prozedur wier. Also sou kann ee just soen: En ass net scindéiert ginn, en ass gestrich ginn, wat mir bedauern.



Well mir hätten eis gewënscht, datt, och wa mer dat hei elo virzéie mat dem Datum vun de Sozialwahlen, wat mer och ënnerstëtzen, domadder d'Debatt ronderëm déi Propositionen vun der Salariatskummer an och d'Fäegkeet vun der Salariatskummer, sech zumindest zum Deel selwer ze organiséieren, datt déi Debatt net ofgeschloss wier. Dat hätte mer eis ganz staark gewënscht a mir bedauern, datt dat awer elo net de Fall ass.

Merci.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. D'Wuert huet elo den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eis aus e Wuert vu Merci un de Rapporteur, de Kolleeg Georges Engel. Ech mengen, wat d'Verleeë vum Datum vun de Wahlen vun de Chambres professionnelles, vun der Chambre des Salariés ubelaangt, ass kee Problem. Et ass eng Selbstverständlechkeet, datt mer déi op d'nächst Joer verleeën, fir datt se eben net mat de Chamberwahlen zesummefalen.

Ech wëll mech méi mat deem zweete Punkt hei beschäftegen, deem am Fong aus dem Gesetz gestrach ginn ass, an eiser Meenung no mat Recht gestrach ginn ass, fir datt déi eenzel Gewerkschaften och nach d'Recht kréichen, fir niewent deene 60 Gewielten dann dräi zousätzlech Gewerkschaftsfonctionnaires oder Gott weess wat fir eng Leit als Vollmember an déi Berufschamber vun de Salariée kënnen ze nennen.

Mir fannen, dat wier net demokratesch gewiescht. Da kënne mer och muer higoen a soen: D'Chamber vun de Salariée, déi ass esou grouss wéi d'Chamber heibannen, zu 60. Och mir brauchen heiansdo Experten, mir brauche Conseillere, a mir hu se jo och souwuel an der Chamber an der Verwaltung hei, wéi och déi eenzel Parteien hir Experten an hir Conseillere hunn. Mä mir hunn awer elo nach ni héieren, datt ee gesot huet: „Da kann, wann d'Wahlen erëm sinn, och nach all Partei dräi Stéck vu sech aus an d'Chamber nennen als Expert a Conseiller.“

Dat beweist jo, datt dann déi 60, déi hei wieren, net genuch Kompetenz hätten, fir ebe selwer ze decidéieren. An dat si jo mir awer, déi vum Vollek gewielt sinn. An esou sinn och déi 60 an der Chambre des Salariés vum Salariat hei zu Lëtzebuerg bestëmmt ginn. An et sinn och déi, déi am Numm vum Salariat sollen hir Decisiounen huelen. A wann déi Berodunge brauchen, da kréien déi déi jo, sief et vun de Beamten oder Fonctionnaires aus der Chambre des Salariés selwer, sief et ebe vu Leit, vun de Gewerkschaftsfonctionnaires, déi si beroden.

De Kolleeg Marc Spautz huet gesot, datt mir viru ganz, ganz laanger Zäit eng Kéier zesummen an esou enger Chamber waren. Souguer déizäit war et schonn, datt mer Conseillere vun de Gewerkschaften a vun de Chambre-professionnelles haten, déi eis begleet a beroden hunn, ier mer eis Zoustëmmung oder Netzoustëmmung zu den Avisen - well dat ass eng vun den Haaptarbechte vun der Chambre des Salariés, vun de Berufschamberen - ofginn hunn.

Mir hätten dat also ondemokratesch fonnt a mir hätten dann och dat Gesetz net gestëmmt. Well et kann net sinn, wann eben do a Gewerkschaft Leit sëtzen, déi gären an déi Chambres professionnelles erakommen an do matbestëmme wëllen als voll Memberen..., ma da solle se de Courage hunn a sech op déi eenzel Lëschten opsetzen! A wa se vum Salariat gewielt sinn, da si se dobannen, a wa se net gewielt sinn, da geet et hinnen net besser wéi deenen, déi bei eis an de Wahlen matginn, da si se net dobannen.

Dat sinn, mengen ech, d'Spillregele vun enger Demokratie. An hei schéngt et, wéi wa Leit wëilten an eng Berufschamber erakommen, datselwecht wëilten ze soen hunn, och vläicht herno un der Spëtzt vun enger Chamber wëilte kënne stoen, ouni de Wee iwwer fräi an demokratesch Wahlen mussen ze goen.

Dat hätt bei eis d'Zoustëmmung net fonnt. Duerfir si mir frou, datt de Conseil d'État déi Opposition formelle gemaach huet, a mir sinn och frou, datt d'Kommissioun d'Opposition formelle, zwar no enger gewëssener Zwëschenetapp, dach awer zum Schluss zougestëmmt huet.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. D'Wuert huet elo zum Ofschloss den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eigentlech wier ech elo ganz séier fäerdeg an

ech géif soen: „Merci, Här Rapporteur, et ass perfekt an et ass eng gutt Saach, datt mer dee Rapport do virun de Wahlen maachen, well et wier effektiv net gutt, wa mer praktesch zwou Wahlen, d'Sozialwahlen an déi politesch Wahlen, zum gläiche Moment hätten.“ Mä vu datt jo awer vill iwwert deenen anereren Aspect diskutéiert a kommentéiert ginn ass, muss ech och e puer Remarken dozou maachen.

Éischtens, déi Propositionen oder déi Iddi, fir dräi Leit ze kooptéieren - ob een elo derfir ass oder dergéint, dat wëll ech elo emol dohigestallt si loossen -, déi ass mer zougedroe gi vun der Chambre des Salariés, nodeem ech der Chambre des Salariés och kloer gesot hat, datt ech nëmme géif akzeptéieren, dat weiderzeginn, wann dat praktesch an der Unanimitéit géif proposéiert ginn.

Dat ass geschitt. An esou wéi d'Gesetz vun de Chambres professionnelles dat virgesäit, hunn ech eigentlech dat examinéiert a weiderginn, der Chamber weiderginn an der Form vun engem zweeten Deel an deem Gesetz, wat mer haut, wat Dir haut sollt stëmmen.

Dir wësst alleguer, do ass eng éischt Opposition formelle komm. Dunn huet d'Chambre des Salariés mer gesot: „Bon, mir si bereet, dat nach emol ze änneren.“ A si hunn eng aner Proposition gemaach, wou d'Kooptatioun e bëssen nach modeléiert oder remodeléiert ginn ass. An dann hunn ech gesot: „Dat gëtt en Amendement vun der Chamber, wann d'Chamber domat d'accord ass. Dat geet also als Amendement un d'Chamber, an do wëll ech, datt dat esou breet wéi méiglech dann och gedroen ass.“ An dat ass jo och dann an der Kommissioun geschitt.

Den Här Spautz huet elo e laangen Developpement, e juristeschen Developpement gemaach, firwat een awer elo soll dorop verzichten, wou ech em net onrecht ginn.

Mä ech placéiere mech net nëmmen op dem juristeschen Terrain, ech placéiere mech och ganz einfach um demokrateschen Terrain. A komescherweis, virun zéng Joer, Här President, virun zéng Joer, wéi iwwert de Statut unique diskutéiert ginn ass, dann ass och iwwert déi heiten Iddi diskutéiert ginn, Här Spautz. Dir wësst dat besser wéi ech. Do ass och schonn iwwer eng Iddi diskutéiert ginn, fir nieft deene 60 gewielte Membere vun der Chambre des Salariés dräi Leit ze kooptéieren.

Déi eng hunn dat gutt fonnt a vill hunn der dat net esou gutt fonnt. An een, deen dat net esou gutt fonnt huet, dat waart Dir, Här Spautz! Dir waart dat! An Dir hutt gesot - hei am Bericht hunn ech dat gelies: «D'autres..., plusieurs intervenants», do ginn der dann opgezielt an do sinn och den Här Spautz, den Här Jaerling, de Marcel Glesener drënner, «ont plaidé pour le maintien du statut quo suivant lequel les représentants syndicaux ont la qualité d'observateurs sans droit de vote», dat, wat Der elo gesot hutt, «ce statut étant toutefois formellement à consacrer dans le texte légal. Ils ont donc plaidé pour le respect sans aucune entorse du principe de l'élection des membres de la Chambre des salariés au suffrage universel.» Dat hutt Der virun zéng Joer gesot.

Bon, Dir hutt dat elo e bëssen anescht gedréit, très bien. Dir hutt dat elo anescht juristesche motivéiert. Ech hätt gradesou gär gehat, Dir hätt gesot: „Eng Demokratie, déi kennt keng Kooptatioun, Punkt!“

Et kann een net eng Chamber hunn, och wann et eng Chamber vun de Salariée ass, an déi eng Leit, déi mussen duerch eng Wahl goen, an déi aner Leit, déi ginn iergendwéi an engem Hannerzëmmer bestëmmt a ginn duerno kooptéiert. Dat ass meng Position. An duerfir - duerfir - hunn ech kloergemaach gehat, wéi déi zweet Opposition formelle komm ass, datt ech net géif iwwert déi Opposition formelle vun Statsrot goen, well effektiv déi esou motivéiert war, datt eng Chambre à base élective net op där anerer Säit einfach Leit mat deenen nämlechte Rechter - net déi, déi als Conseiller do fungéieren, dat ass eng aner Saach -, mat deenen nämlechte Rechter kéint kooptéieren. Dat ass eng kloer Position!

A wat elo mat deem Deel vum Gesetz geschitt, wou ech jo kloergemaach hunn, datt vun eiser Säit, vun der Regierung hirer Säit eigentlech näischt geschitt, ass an der Hand vun der Chamber. Wann also ee wëllt doraus eng Proposition de loi maachen, très bien! Dat ass d'Recht vun der Chamber. D'Chamber huet de toute façon Rechter, ëmmer dat ze maachen op Propositionen, op Virschlag vun enger Chambre professionnelle.

Mä meng Position war kloer: Fir mech ass d'Demokratie Demokratie an net eppes, wat an den Hannerzëmmeren decidéiert gëtt a wou déi aner, déi, déi gewielt sinn, da mussen jo wénken.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mir kéinten zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7138 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7138 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

60-mol Jo: Domat ass de Projet de loi 7138 mat Unanimitéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Boffering, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eiselem Ordre du jour iwwergoen, an zwar d'Konsultationsdebatt iwwert d'Mobilitéit. Dir wësst, dass d'Riedezäit nom Modell 2 festgeluecht ass. An d'Wuert huet den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

4. Débat de consultation sur la mobilité

Exposé

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Debatt ass genau wéi déi vu gëschter vum Statsminister d'lescht Joer am Kader vun der Deklaratioun vum État de la nation ugefrot ginn. A si fënn dann, wéi gesot, quasiment ee Joer méi spët statt. D'Noutwendegkeet oder d'Utilitéit dovunner läit fir mech awer och doranner, datt mer zënter gutt zwee Joer amgaange sinn, d'Fortsetzung vum MoDu auszeschaffen...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- ...an datt dee MoDu am Laf vum Mount Mee - ech kommen nach drop ze schwätzen - wäert ofgeschloss ginn an datt et fir mech an och fir d'Regierung noutwendeg an utile ass, fir ze héieren, wat d'Chamber an d'Deputéierten an deem dote Beräich soe respektiv wat fir eng Virschléi datt de Mëtteg nach kënne gemaach ginn, fir datt mer eventuell nach dat eent oder dat anert kéinten an eis Iwwerleeunge mat ophuelen.

Ech wëll fir d'Éischt ufänke mat dräi Virbemierkungen:

Déi éischt ass: Dee wichtegsten Deel vun der Mobilitéitsdiskussioun, deen hu mer eigentlech gëschter gefouert, nämlech dee vun der Landesplanung. Well ech hunn et gëschter schonn hei gesot: Déi effikass Method an och déi bëllegst Method, fir d'Mobilitéit ze organiséieren, ass e gutt organiséiert Land, datt d'Fonctionnalités an eiser Gesellschaft zesummeleien - Wunnen, Schaffen a Fräizäit -, datt mer méiglechst Mobilitéitsbeweegunge vermidde kréien oder, wa mer der scho mussen maachen, datt se esou gemaach ginn, datt se am beschten ze Fouss oder mat anere méi softe Verkéiersmëttel kënnen zrëckgeluecht gi wéi Auto, Bus oder Zuch, wat grouss Infrastrukture sinn, déi schwéier ze réaliséieren sinn an och grouss Auswierkungen hunn op eist Land, op eis Landschaft an op eis Liewensqualitéit.

Also, wéi gesot, nach eng Kéier: D'Landesplanung, an eng effikass Landesplanung ass fir mech den A an den O, fir och herno eng effikass Mobilitéit ze kréien. An d'Mobilitéit am Sënn vun der Infrastruktur, wéi mer se haut diskutéieren, ass am Fong en Deel nëmmen dovunner.

D'zweet Virbemierkung ass: Mir investéieren am Moment kolossal Zommen. Ech mengen, ech wëll et nach eng Kéier widderhuelen: Den Investitiounsprogramm eleng fir d'Eisebunn, dee virgesinn ass tëschent 2013 an 2023, wou mer an deene leschte véier an en halleft Joer schonn en décke Batz ëmgesat hunn oder wat an der Ëmsetzung ass, eleng dee beleeft sech op ronn 3,8 Milliarden Euro!

Dat ass, ech hunn et gëschter scho gesot, en enorme Chiffer. An ech hat e jo och eng Kéier verglach, an dat soen ech elo net pejorativ, fir mam Fanger op d'Leit vu virdrun ze weisen, mä ech soen dat einfach, fir et ze verdäitlechen, a wéi enger Dimensionsmer de Moment sinn: An där nämlechter zéngjäerger Periode virdu louche mer bei 1,7 Milliarden Euro Investissementen. Also, mir hunn dat nach eng Kéier enorm gesteigert, awer mir brauchen dat och. An et sinn och ganz vill Projeten, soen ech och, déi an der Ëmsetzung sinn.

Am Kader vun der Eisebunn, do sinn der ganz vill derbäi, déi waren och natierlech vu viregter Regierunge scho mat geplangt. Also, ech wëll dat elo net alles op de Fändel schreiwe vun dëser Regierung, mä ech wëllt einfach déi Zuel nach eng Kéier hei soen, fir dat ze illustréieren. Also gewaltig Chifferen, wann ech do derbäi nach géif e ganze Koup aner Saache rechnen am Stroossebau, wou mer och an der Ëmsetzung eng ganz Rei grouss Projeten hunn, wou mer der eng Rei och gestëmmt hunn an deene leschte Joren, zum Beispill den Ausbau vun der A3, e Projet, dee bei 400 Millionen wäert leien, mä och nach eng Rei anerer.

An da schwätzen ech guer net vun enger Hällewull Projeten, wou mer keng Gesetzer separat hu missen ofstëmmen, mä déi iwwert de Budget, iwwert de Fonds des routes beispillsweis, gestëmmt ginn, déi een och muss matarechnen.

Mä zur Mobilitéit kann een och nach e ganze Koup aner Saache rechnen. Souwisou, wann ech - ech soen dat och hei nach eng Kéier - sief et de kolossale Chiffer, dee mer an d'Eisebunn oder zum Beispill och den Tram, dee mer jo nei bauen, investéieren, d'Pôle-d'échanges, awer och an de Stroossebau an esou weider, wann ech déi Chiffere vergläiche mat deem, wat am europäeschen Duerchschnitt investéiert gëtt, da leie mer do op ganz, ganz groussen Héichten.

An dat huet och dozou gefouert, dat soen ech lech och, datt sougutt d'Stroossebauverwaltung wéi d'CFL wéi awer och d'Gesellschaft LuxTram, déi fueren de Moment um Zännfleesch! Déi hunn esou vill Projeten an der Ëmsetzung, datt et wierklech net méi méiglech ass ze mengen, do kéint een der nach elo honnert droptässelen.

Ech hu gëschter hei Leit héiere soen: „Wa mir kommen déi nächste Kéier, mir baue 15 Contournement mateneen, derbäi nach siwen Trammen“ a wat weess ech net nach alles! Ech soen lech just, fir déi, déi dat behaupten: Dat packt Der net, well einfach d'Capacitéit, déi een zur Verfügung huet, fir Saachen ze maachen, och limitéiert ass!

An ech wëll lech och drop hiweisen, datt mer entre-temps op engem Punkt sinn, datt ech bei den éffentlechen Ausschreiwungen, wou een normalerweis dräi, véier, fënnef, sechs, siwen Offere kritt, entre-temps grouss éffentlech Ausschreiwungen hunn, wou ech nach just eng Offer kréien. Dat heescht, mir hunn och eng komplett Iwwerhëtzung vun der Baubranche vun deene Secteuren, déi dat Ganzt mussen ëmsetzen. Duerfir haalt op, de Leit Saachen ze versprechen, wou mer ganz genau wëssen, datt mer se net an esou engem kuerzen Zäitraum geléist kréien!

Dat wëllt net heeschen, datt...

(Interruption)

Neen, mir fänken net elo schonn un, Här President, mat Zwëschebemierkungen, well gëschter wollt ech der och dertëscht maachen. Ech krut du schonn erëm siwe Fangeren do. Ech dierf kengem dertëscht äntwerten, duerfir halen ech och elo als Éischt meng Ried an da kënnen d'Deputéiert äntworten an dann...

(Interruptions)